ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Allgemeng ass den Trend an de leschte Joren a Joerzéngten deen, datt vun de Leit, déi am Gesondheetssecteur schaffen, der ëmmer méi aus dem Ausland kommen, jee nodeem also Grenzgänger sinn oder Auslänner, déi zu Lëtzebuerg wunnen. Dëst ass och bei de Patienten de Fall, wou dach e groussen Deel vun de Patienten hei am Land engersäits keng Lëtzebuerger sinn oder esouguer am Ausland wunnen.

An deem Kontext wéilte mir der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wéi ass d'Opdeelung vun de Leit, déi zu Lëtzebuerg sozial verséchert sinn, der Nationalitéit no? Wéi vill vun deene wunnen zu Lëtzebuerg a wéi vill wunnen am Ausland, a wou?
2. Wéi vill Patienten, déi am Joer 2019 an der Noutopnam (Urgence) waren, waren Awunner vu Lëtzebuerg a wéi vill waren Awunner vun engem anere Land, a vu wéi engem? Wat fir eng Nationalitéit haten d'Patiente vun der Noutopnam?
3. Wéi vill Patienten, déi am Joer 2019 eng oder méi Nuechten hu missen an der Klinick verbréngen, waren Awunner vu Lëtzebuerg a wéi vill waren Awunner vun engem anere Land, a vu wéi engem? Wéi eng Nationalitéit haten d'Patienten?
4. Wéi hu sech déi hei gefroten Zuelen an Donnéeën iwwert déi lescht 10 Joer entwéckelt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten